



## Protestmeeting Sozialplang SHD

Ried vun der LCGB-Gewerkschafts-  
sekretärin Céline CONTER

---

**Embargo bis den 4. Juni 2015 um 18 Auer 30**

(Et zielt daat geschwaate Wuert.)

### **Kolleginnen a Kollegen,**

De leschte Freiden ass hei zu Lëtzebuerg een Tabu am soziale Secteur gebrach ginn, dee fir de LCGB inakzeptabel a skandaléis ass.

D'Personal vun Hëllef Doheem gouf Donneschdes Owes an aller Urgence convoquéiert, fir Freides moies aus heiterem Himmel annoncéiert ze kréien, datt d'Entloossunge vun 90 Salariéë geplangt sinn.

Kuerz drop léisst d'Direktioun d'Bomm och an der Presse platzen an deelt mat, datt d'Detailer a konstruktive Gespréicher mat de Gewerkschafte misste verhandelt ginn.

Zum dësem Moment haten d'Gewerkschaften eng detailléiert Beschreibung vum Sozialplang awer eréischt tout juste per Fax kritt.

Fir de LCGB ass domadder eent ganz kloer: d'Direktioun huet de Sozialplang scho prett am Tirang leien an erwaard, datt d'Gewerkschaften dësen nach just ënnerschreiwé kommen.

Hei weist d'Direktioun ganz eendeiteg, dass si un engem konstruktive Gespréich net interesséiert ass.

Hei weist d'Direktioun ganz eendeiteg, dass hinnen d'Aarbechtsplazen an d'Existenze vun de Léit egal ass.

Esou eng Virgoensweis war bis haut nach ni do; an des Aart a Weis stéisst beim LCGB vehement op Widderstand!

### **Kolleginnen a Kollegen,**

Zënter knapp enger Woch huet d'Direktioun vun Hëllef Doheem hire projet de licenciement collectif annoncéiert.

Bis haut hu mir - am Verhandlungsgrupp - nach keng Volontéit vun der Direktioun erkannt, iergendwellech Solutiounen am Sënn vun de Salariée wëllen ze sichen.

Dat ass eng sozial irresponsabel Approche vun enger Direktioun, déi et méintelaang net fir néideg fënnt, mat hirer Personaldelegatioun a mat de Sozialpartner iwwert hier Finanzen ze schwätzen.

Si behaupt sech stur drop, datt si näischt méi kéinte maachen a verstoppen sech hannert dem Code du travail, fir Personal ofzebauen.

Wat heescht hei „Näischt méi kënnen maachen“?

Fir de LCGB refuséiert d'Direktioun vun Hëllef Doheem domadder kloer an däitlech de Sozialdialog!

### **Kolleginnen a Kollegen,**

Mam LCGB kënnt esou eng skandaléis Politik net a Fro!

Den LCGB fuerdert eng fair an open Diskussioun iwwert all Fakten, déi d'Direktioun zu esou engem Schrëtt bruecht huet.

Wann d'Finanzproblemer esou grouss sinn, datt just nach ee Sozialplang de Betrieb rette kann, firwat gouf dann net éischer den Dialog mat der Personaldelegatioun a mat de Gewerkschafte gesicht?

Firwat gött keng Hëllef gefrot?

Firwat fänke mir dann net un, Léisungen ze sichen, fir d'Existenz vun de Léit ofzesécheren?

Ass dat de mënschlechen a de kompetente Wee vun der Hëllef Doheem?

Firwat goufen hei déi manifest Problemer net éischer beschwat, mam Ziel fir eng Politik vum Aarbechtsplazerhalt ze definéieren an ëmzesetzen?

Wou sinn dann déi konstruktiv Gespréicher, déi d'Direktioun mat eis féiere wollt?

Wou ass de Sozialdialog fir dee Lëtzebuerg bis ewell ëmmer bekannt war?

Der Direktioun hier Politik vum fait accompli ass net mënschlech an och net kompetent, déi Politik ass franchement irresponsabel!

Si geet ganz kloer zu Laaschte vun de Salariaë vum Hëllef Doheem a spillt net nëmme mat der Angscht vum Verloscht vun den Aarbechtsplazen.

Nee, et ass net moralesch, fir mat der Angscht vun den Existenzen vun de Léit ze spillen.

Si geet awer och op d'Käschte vun deene Leit, déi all Dag vum Reseau ënnerstëtzt ginn.

Hei gëtt d'Qualitéit vum Encadrement vun de betreite Léit kloer mat Féiss getrëppelt.

Grad am soziale Secteur misst et jo awer och eng sozial Responsabilitéit géintiwwer dem Mataarbechter an dem betreite Mënsch ginn!

### **Kolleginnen a Kollegen,**

Den LCGB ass degoûtéiert iwwert d'Inkompetenz vun der Direktioun, déi bis dato keng valabel Erklärunge konnt liwweren, ewéi et iwwerhaapt esou wäit konnt kommen.

Den LCGB fuerdert deemno eng ganz detailléiert a fundéiert Analyse vun der finanzieller Situatioun an der Gestiou.

D'Stëftung Hëllef Doheem sicht de Fehler bei deenen aneren a verstoppt sech hannert kierzlech decidéierte Spuermesurë vun der Regierung.

Wann deem esou wier, datt Spuermesurë vun der Regierung zu Entloosunge féieren an domadder och zu enger Verschlechterung vun de Prestatiounen, da géing dat jo heeschen, datt den Accord vum 28. November 2014 tëscht der Regierung an de Gewerkschaften a Fro gestallt ass.

Dobäi kennt, dass Hëllef Doheem elo schonns eng Reform vun der Assurance-Dependance als schëlleg dohin stellt ; eng Reform déi nach guer net gestemmt ass an vun där bis dato wéineg Détailler bekannt sinn!

Dat si ganz serieux'en Reproche, fir deen d'Direktioun awer keng konkret Beweiser virleeë kann.

## **Kolleginnen a Kollegen,**

Et geet net duer, fir d'Regierung an d'Pan ze klaken an sech aus der Verantwortung ze zéien.

Eng Direktioun vun engem Betrib, déi sech de Credo „Menschlech a kompetent“ op de Fändel geschriwwen huet an déi sech selwer no baussen als „Employeur de choix“ verkeeft, déi muss jo awer wëssen, dat et hei bei hirem envisagéierte Sozialplang un éischer Stell em Mënschen an hier Mataarbechter an hir Existenz geet.

Den LCGB ass mat dëser Visioun vun der Direktioun absolut net d'accord!

Fir eis steet de Salarié un éischer Stell ; an d'Ofsécherung vu senger Aarbecht a vu senger Existenz muss absolut Prioritéit hunn.

Et kann net sinn, datt d'Salarié muss fir der Direktioun hir Gestionsproblemer bludden, déi betrëiten Leit doduerch manner gudd encadréiert ginn an de Management sech kenger Schold bewosst ass.

Mam LCGB gëtt et keng Entloossung bei Hëllef Doheem.

De LCGB fuerdert d'Ausschaffe vu Léisungen, déi dem ganze Personal vun Hëllef Doheem hir Aarbechtsplätzen ofsécheren an déi domadder och d'Qualitéit vun den Prestatiounen garantéieren.

## **Kolleginnen a Kollegen,**

De LCGB ass net bereet, ee Sozialplang bei Hëllef Doheem ze verhandelen.

D'Fro stellt sech, wéi mir mat enger Direktioun iwwerhaapt eppes kënnen verhandelen, wann déi et mol net fäerdeg bréngt, fir ze erklären, wou de Schung dréckt.

Fir den LCGB gëtt et just ee Wee!

Deen vun enger konsequenter Politik déi dorop ziilt, fir de Salarié hir Aarbechtsplätzen ze erhalen an domadder och d'Grundlag vun hirer Existenz.

Dowéinst verlaangt de LCGB vun der Direktioun, datt si sech mat de Gewerkschaften un een Dësch setzt, fir ee plan de maintien dans l'emploi auszeschaffen.

Bei dësem Plan de maintien müssen all d'Instrumenter, déi eis zur Verfügung stinn, benotzt ginn.

An dës Instrumenter müssen zesumme mat de Sozialpartner – an net ouni ons – ausdiskutéiert ginn.

Dëst Engagement ass d'Direktioun hirem Personal schëlleg!

### **Kolleginnen a Kollegen,**

Dem LCGB säi Message un d'Direktioun vun Hëllef Doheem ass haut kloer an däitlech!

Den LCGB fuerdert de Management dozou op, muer de Moien, Fakten éierlech op den Dësch ze leen an sech kloer an däitlech zu enger Approche am Interêt vum gesamte Personal vun Hëllef Doheem ze bekennen.

Den LCGB akzeptéiert keng Entloossungen!

Den LCGB revendiquéiert d'Sauvegarde vun den Existenze vun de Salariéeën!

Merci fir Är Opmierksamkeet.